



cken, op Basis vun den Zuelen da Konklusiounen ze zéien op enger sachlecher Basis. An ech mengen, et ass och esou, wéi et gemaach gëtt an deem Aarbechtsgrupp Sécuritét, wou iwwregens alleguer d'Akteuren drasetzen. Well déi Konklusiounen, déi d'Ponts et chaussées zitt an och ech zéien um politeschen Niveau, wat op wat fir enger Strooss gemaach gëtt oder soll gemaach ginn, dat ass net einfach esou, well dat mer grad moies afält oder engem Bauingenieur vu Ponts et chaussées moies grad afält, mä déi gi gezunn op Basis vun Diskussiounen, wou vill Experte ronderëm den Dësch setzen an der Verkëierssicherheit, Police an esou weider, fir zu deene Konklusiounen ze kommen.

Elo kann ee vläicht doriwwer aus anere Grënn och dem Här Nohaltegkeetsminister. Domat si mer, souwäit ech dat gesinn, um Enn vun eiser Orientierungsdebatte ukomm.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Madamm Beissel. Den Här Adam huet d'Wuert.

Motion 1

Et bleift eis nach d'Motioun.

Ass déi Motioun ausdiskutéiert?

► **Plusieurs voix.** - Jo!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ass dat de Fall? Da géife mer direkt zur Ofstëmmung iwwergoen.

Ass de Vote électronique gefrot? Oder kënnen mer mat Handophiewen ofstëmmen?

(Assentiment et interruption)

Vote sur la motion 1

Wien derfir ass, ass da gebieden, d'Hand ze hiewen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - D'Géigeprouf: dergéint? Enthaltungen? Unanimiteit: Domat ass d'Motioun mat alle Stëmmen ugehall. Merci.

An da géife mer zum nächste Punkt vun eise Ordre du jour iwwergoen, der Revisiounsproposition vum Artikel 32.(3) vun eiser Verfassung.

Et sief drop higewisen, datt laut Artikel 114 vun der Verfassung eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen herno beim Vott noutwendeg ass. A mir wësse jo, dass dat hei en zweete Vott ass. An den Här Rapporteur, den honorabelen Alex Bodry, huet elo direkt d'Wuert.

4. 6894 - Proposition de révision de l'article 32, paragraphe 3 de la Constitution

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

► **M. Alex Bodry (LSAP), rapporteur.** - Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dëser Proposition de révision vun eiser Verfassung geet et ëm eng punktuell Neiformuléierung vun engem Deelartikel vun eiser Constitution, dem Artikel 32.(3).

Haut solle mer als Chamber eng zweete Kéier doriwwer befannen, nodeem mer e Reflexiounsdélai vun dräi Méint respektéiert hunn. Den éischte Vott hate mer hei zu deem neien Artikel 32.(3) de 6. Juli an der Chamber. An deemools hate vu 54 Deputéierte sech der 52 fir déi Ännerung ausgeschwat, bei zwou Géigestëmmen. Ech hoffen als Rapporteur, dass et eng äänlech breet Zoustëmmung gëtt bei dësem zweete Votum, wéi en an eiser Verfassung virgeschriwwen ass.

Bei deem Artikel 32.(3) dréit et sech ëm Froen, déi mat der Kompetenz vun der Regierung ze dinn hunn, fir Reglementer ze huelen, fir also Ausföhrungsbestëmmunge vu Gesetzter ze huelen. Wat ass Domän vum Gesetz, wat ass Domän vum Reglement? Wat ass also schlussendlech am Décisiounspouvoir vun der Chamber a wat läit an dem Décisiounspouvoir vun der Regierung?

Et ass also eng ganz sensibel Matière, déi mer hei ugin, déi mer hei reformuléieren, an dat

an deem spezifischen Domän 32.(3) vun dem sougenannten Domaine réservé à la loi par la Constitution.

Mir kennen hei zu Lëtzebuerg, wéi eng Partie aner Länner, dee System vun der Réserve de la loi, wou also festgeluecht gëtt, wat fir eng Matière eigentlech mussen duerch d'Gesetz geregelt ginn an net dierfen duerch Reglementer vun der Exekutiv geregelt ginn.

Dat sinn eng ganz Partie Matière, déi an der Verfassung opgezielt ginn, wou drasteet: „la loi règle, la loi détermine“, an dat heescht, dass also net duerch eng Regierungsdécisioun oder duerch administrativ Bestëmmunge vun der Regierung gewësse Matière geregelt kënnen ginn. Dat muss de Législateur obligatorescherweis maachen.

Wat awer erëm net heescht, dass dat eng exklusiv Kompetenz wär vum Législateur. En huet d'Hauptkompetenz, mä wann de Législateur dat esou wëllt an esou decidéiert an an e Gesetz eraschreift, kann en och dem Grand-Duc, der Exekutiv - an der Praxis ass dat d'Regierung - e Pouvoir réglementaire zougustoen. Et ass awer e Pouvoir d'attribution, déi an deem heiten Domän de Grand-Duc, lies d'Regierung kritt.

Also, dee Pouvoir réglementaire am Domaine réservé, deem d'Regierung huet, gëtt et, ass och esou gewollt, och vun der Chamber, mä ass natierlech méi beschränkt wéi an deenen Matière, déi net spezifesch vun der Verfassung dem Gesetz virbehale sinn.

An de Matières réservées à la loi besteet och zum Beispill de Pouvoir réglementaire spontané vum Grand-Duc net. Dee muss also, wéi ech virdru gesot hunn, expressément an enger Gesetzesbestëmmung virgesi sinn, an an där doder Matière ass et och esou, dass keng Règlements ministériels dierfe geholl ginn. Déi sinn an der Matière réservée ausdrécklech duerch eng aner Verfassungsbestëmmung ausgeschloss.

Par contre bleift also eng gewëssen Attributionskompetenz, déi d'Exekutiv huet, fir och an deenen heite spezifesch Fäll ze reglementéieren. Ech mengen, déi klassesch Fäll, wou mer oft déi Problematik do begéinen, ass am ganze Schoulsektor, wou an dëser Verfassung drasteet, dass zum Beispill alles, wat d'Schoul betrëfft, vum Gesetz geregelt muss ginn. En aneren Domän, dee mer oft begéinen, ass dee vun der Liberté de commerce et de l'industrie, wou och Aschränkungen nëmme kënnen duerch e Gesetz festgeluecht ginn, net also vun der Regierung eleng kënnen decidéiert ginn.

D'Fro, déi sech natierlech stellt, zënter dass mer déi dote Bestëmmungen hunn, ass: Wéi wäit geet dann elo déi Kompetenz vun deem engen a vun deem aneren? Dat ass en éiwegen Diskussionspunkt, eng Debattefro, a wou et eng Jurisprudenz gëtt, ënner anerem och natierlech vun eiser Cour constitutionnelle.

Den aktuellen Text vum 32.(3) ass relativ rezent a geet op eng Revisioun vum 19. November 2004 zrëck. D'Absicht vum Constituant war et deemools, Rechtssicherheit ze schafen an eigentlech de besteende System vun de Matières réservées bäizebehalen, gläichzäiteg awer och dem Grand-Duc e gewëssene Pouvoir réglementaire ze looszen.

Am Kloertext heescht dat, do si mer eis haut nach ëmmer eens, dass dat eise Wëllen ass: Déi grouss Prinzipien, d'Hauptregelen an enger Matière mussen duerch d'Gesetz festgeluecht ginn. D'Detailer kënnen iwwer Reglement grand-ducal festgeluecht ginn, wann d'Gesetz dat ausdrécklech virgesäit.

«Dans les matières réservées à la loi par la Constitution, le Grand-Duc ne peut prendre des règlements et arrêtés qu'aux fins, dans les conditions et suivant les modalités spécifiées par la loi.» Dat ass den aktuelle Verfassungstext. Deen ass am Ufank och interpretéiert ginn an deem Sënn, wéi mir et eigentlech beabsichtigt haten, duerch eis Cour constitutionnelle, bis an engem éischten Arrêt, den 29. November 2013, et sinn nach aner Arrëten nokomm, méi eng restriktiv Lektür gemaach ginn ass vun där neier Verfassungsbestëmmung, d'Cour constitutionnelle méi streng war an den Domän vum Reglement grand-ducal ganz enk definéiert huet a gesot huet, wierklech all d'Konditiounen, all Modalitéite missten am Gesetz selwer fixéiert ginn, an da bleift praktesch net méi ganz vill iwwreg fir den Domän vum Reglement grand-ducal.

Dësen Émstand huet schonn de Statsrot dozou gefouert, fir an enger Stellungnam, ënner anerem och an engem Avis, schonn Ufank 2014, déi Fro vun enger Neidefinéierung, Neiformulatioun vum Artikel 32.(3) opzeweieren. An och dës Regierung huet sech an deemselwechte Sënn geäussert.

An eise Entworf vun der Chamber fir eng nei Verfassung huet déi zoustänneg Parlaments-

kommissioun och eng Textpropos vum Statsrot an hirem Projet de révision vun der Verfassung zrëckbehalen. Mir hunn eis deem Text awer nach eng Kéier ugekuckt. A mir sinn eigentlech zu deem Schluss komm, eng Schlussfolgerung, déi iwwregens och gedeelt gëtt vum Statsrot, dass dat, wat sengerzäit de Conseil d'État proposéiert hat als neien Text a wat mir ee Moment iwwerholl haten, dass dat eigentlech wahrscheinlech net duergeet, fir op déi fréier Interpretatioun vun dem Pouvoir réglementaire am Domaine réservé à la loi zrëckzekommen.

An duerfir hu mer en neien Text eigentlech eis ausgeduecht, dee mer och zrëckbehalen hunn an dee wéi folgt formuléiert ass: «Dans les matières réservées à la loi par la Constitution, le Grand-Duc ne peut prendre des règlements et arrêtés qu'en vertu d'une disposition légale particulière qui fixe l'objectif des mesures d'exécution et le cas échéant les conditions auxquelles elles sont soumises.»

Bei der Matière réservée muss also d'Gesetz ausdrécklech virgesinn, et geet hei rieds vun enger Disposition légale particulière, dass de Grand-Duc an engem spezifesch Fall an enger Matière habilitéiert ass, bestëmmt Ausföhrungsbestëmmungen ze huelen.

D'Gesetz muss och zousätzlech d'Zil vun deem Reglement festleeën. Zu wat fir engem Zweck ginn déi Règlements d'exécution geholl? Dat muss also am Gesetz selwer stoen. Mä am Géigesaz zu deem aktuelle Verfassungstext ass et net obligatoresch, dass d'Gesetz och all Konditiounen an all Modalitéite vun deene Matière festleet. D'Gesetz kann an Zukunft Konditiounen festleeën, et muss et awer net maachen. Wat also virdrun obligatoresch war, gëtt elo reng fakultativ an eise neien Text.

Ech widderhuelen nach eng Kéier: D'Zil ass et, dass mer erëm zu deem, mengen ech, gesonden Équibler kommen, dee mer iwwer laang Jorzéngten haten, wou och an der Matière réservée à la loi - d'Gesetz muss déi wichteg Regeln, d'Grondprinzipie festleeën - d'Detailfroe kënnen iwwer Reglement grand-ducal festgeluecht ginn, wann de Législateur dat expressément esou virgesäit an och den Zweck vun där Operatioun am Gesetz selwer festleet. Dat ass dat, wat mer an deem heiten Text wëllen erreechen.

Mir hoffen, dass mer dës Kéier richtigegleien, dass och eise Wëlle richtig interpretéiert gëtt. An deem Sënn géif ech lech also hei bidden, deen heiten Text ze stëmmen.

Et ass kee Chèque en blanc, deen d'Chamber heimadder der Exekutiv gëtt. Iwwert de Gesetzestext behale mer all Ficellen an der Hand. Mä et gëtt eis déi Méiglechkeet, besonnesch a méi techneschen Domänen, wou et immens schwéierfällg wär, ëmmer iwwer e Gesetz Bestëmmunge festzeleeën, iwwer Reglement grand-ducal kënnen am Detail dann iwwert d'Regierung déi néideg Modifikatiounen am Laf vun der Zäit ze maachen.

Dat gesot, géif ech lech also am Numm vun der Kommissioun bidden, deen heiten Text och eng zweete Kéier esou ze stëmmen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Rapporteur. An éischte Riedner ass den Här Paul-Henri Meyers.

Discussion générale

► **M. Paul-Henri Meyers (CSV).** - Här President, de Rapporteur, den Här Alex Bodry, huet d'Hannergrënn an och d'Explikatioun ginn, woufir dass deen Text elo esou geännert gëtt. Ech selwer hu beim éischte Vott de 6. Juli eis Argumenter virgedroen, firwat dass mir deen Text do ënnerstëtzen. Ech mengen, deem ass näischt bäizefügen. An dofir kann ech och elo fir deen zweete Vott den Accord vun der CSV ginn.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Meyers. D'Madamm Beissel huet d'Wuert.

► **Mme Simone Beissel (DP).** - Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hänke mech och un dat, wat meng Virriedner gesot hunn. Ech mengen, mir hunn déi Deelverfassungsrevisioun gemaach, fir aus engem praktesch reglementaresche Blocage grauszekommen, deen notamment an dem Éducatiounssektor eise Regierungsmemberen d'Aarbecht ganz schwéier gemaach huet. Mir hu gesot: Et muss alles geschéien, fir dass notamment an deem Sektor erëm kann effikass a schnell geschafft ginn.

Ech mengen, mir hunn all eis Argumenter scho beim éischte Vott gesot. Den Artikel 114 vun der Verfassung verlaangt jo, dass mer dësen zweete Vott maachen, well an där neier Prozedur soll, duerch deen zweete Vott, d'Solen-

nité an de Formalisme vun der Procédure de révision ervirgehewe gi par rapport zum Vott vun enger normaler Loi, engem normale Gesetz.

An ech wollt domat dat nach eng Kéier ënnersträichen, dass bien entendu, wéi mer et am éischte Vott gemaach hunn, d'DP-Fraktioun voll hannert deem Text do steet.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madamm Beissel. Den Här Adam huet d'Wuert.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Merci, Här President. Den Här Bodry huet erëm eng Kéier erkläert, wat den Enjeu ass vun dëser Ännerung, vun dëser Proposition de révision vun eiser Verfassung.

Ech hat d'Geleeënheet, fir beim éischte Vott de 6. Juli och d'Argumenter, firwat datt déi gréng Fraktioun dës Ännerung géif ënnerstëtzen, hei duerzeleeën. Déi gréng Fraktioun huet hir Meinung net geännert zënter dem 6. Juli. An duerfir wäerte mir dann och déi Kéier beim zweete Vott eisen Accord ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Adam. Dann huet den Här Reding d'Wuert.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Merci, Här President. Och d'ADR huet zënter dem leschte Vott hir Meinung net geännert a wäert och déi Kéier der Verfassungsännerung zoustëmmen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Den Här Baum huet d'Wuert.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Merci, Här President. Déi Lénk huet eppes gemeinsam mat all deenen anere Parteien: Si huet och hir Meinung net geännert par rapport zum Vott vum 6. Juli. Den Här Bodry huet ganz gutt duergestallt, datt et eng heikel Matière ass, wou et ëm Décisiounspouvoir geet, wou et ëm Équibler geet tëschent Décisiounen, déi d'Chamber hält, an Décisiounen, déi d'Regierung kann huelen. Mir mengen, datt déi aktuell Regelung, wéi se an der Verfassung steet, gutt ass an datt se keng Ännerung brauch. A mir sinn och dofir dergéint.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - D'Regierung freet sech d'Wuert zu der Proposition.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Jo, wann Der eis d'Wuert gitt, Här President. Merci. Ech wëll fir d'Éischt och den Deputéierte Merci soen, dass dee Vott, dee virun der Vakanz stattfonnt huet, datselwecht Resultat wäert mat sech bréngen. Hei geet et virun allem ëm méi Rechtssicherheit. Dat ass dat, wat ganz, ganz wichteg ass. An hei ass och net en Transfert de pouvoir, dee gefrot gëtt. Do-wéinst Merci der Regierung, pardon, Merci der Chamber,...

(Hilarité)

...dass se dës Rechtssicherheit och garantéiert.

► **M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie.** - Et seet jo soss keen eis Merci.

(Hilarité)

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Dofir soen ech och deenen Deputéierte Merci, déi nach ëmmer zu hirem Wuert stinn an dann haut och den Text wäerte stëmmen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Statsminister. A mer kéinten dann zur Ofstëmmung iwwergoen. Ech wëll nach eng Kéier drop hiweisen, dass bei deem heite Vott keng Procuratiounen erlaabt sinn.

Second vote constitutionnel sur la proposition de révision de la Constitution

Mir géifen de Vott starten. Fir d'Éischt... Jo, dat brauch ech dann net ze soen, vu dass et nëmme perséinlech Stëmme gëtt. Huet jiddwereen ofgestëmmt? Et komme keng bäi. Dat schéngt also de Fall ze sinn. Dann ass d'Ofstëmmung ofgeschloss.

Mir hu 50 Participatiounen um Vott: 48-mol Jo an 2-mol Neen.

(Interruption)

Jo, ech hunn hei 53 Präsenze markéiert a 50 Votten. Dir dot eis jo net nach eng Kéier ofstëmmen? Ech mengen, d'Ofstëmmungseresultat ass ganz kloer. Déi Zweedréttelmajoritéit ass largement erreecht. An domat ass déi Revisiounsproposition ugehall. Merci gesot.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz,



Serge Wilmes, Claude Wiseler et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty et Edy Mertens;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mme Josée Lorsché et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.

Da géife mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen: de Projet de loi 6941 iwwert d'Informationsprozedur am Beräich vun den technesche Règlementéierungen. An ech gesinn, dass de Rapporteur, den Här Claude Haagen, scho viru mer Plaz geholl huet,...

► **M. Claude Haagen** (LSAP), rapporteur.- Plaz geholl? Ech stinn.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- ... well ee mech net méi gesäit.

(Hilarité)

5. 6941 - Projet de loi prévoyant une procédure d'information dans le domaine des réglementations techniques et des règles relatives aux services de la société de l'information

Rapport de la Commission de l'Économie

► **M. Claude Haagen** (LSAP), rapporteur.- Här President, de Projet de loi mat der Nummer 6941, deen eng Procédure d'information, wéi Der gesot hutt, virgesäit, also en Informationsverfahren um Gebitt vun technesche Virschrëften a Virschrëfte fir Leeschtungen an der Informationsgesellschaft, ass de 4. Februar vun dësem Joer vum Wirtschaftsminister an der Chamber déposéiert ginn. D'Handelskummer huet hiren éischten Avis den 1. März an de complémentaires Avis den 20. Juni vun dësem Joer agereecht. An d'Handwerkerkummer huet hiren Avis den 18. März 2016 agereecht.

De Statsrot huet säin éischten Avis de 24. Mee an den Avis complémentaire de 5. Juli ofginn. Den Avis complémentaire huet sech dorobber

bezunn, datt de Statsrot haaptsächlech eng Opposition formelle um Artikel 5 vun dësem Projet de loi gemaach huet, déi awer dunn nom Amendement vun der Ekonomieskommission den Accord vum Statsrot kritt huet.

Den Objet vun dësem Gesetzestext gesäit d'Ëmsetzung vun der EU-Direktiv 2015/1535 betreffend d'Informationsprozedure vir, fir déi et schonn EU-wäit säit den 80er Joren eng Prozedur gëtt. Domäner, déi ënnert dës technesch Regele falen, si bei eis ënner anere d'Konstruktioun, d'Landwirtschaft, d'Telekommunikatioun, den Transport, d'Mécanique, d'chemesch Produiten, d'medezinnesch Equipement an d'Energieversuergung.

Fir e reiwungslost Fonctionnéiere vum europäesche Bannemaart ze garantéieren, ass elo d'Zäit komm, fir déi national Initiativen iwwert d'technesch Règlementatiounen EU-wäit méi transparent ze gestalten, fir esou de fräie Wueverkéier net ze hënneren. Esou muss a soll all Memberstat, deen eng technesch Regelung huet, esou wéi se am éischten Artikel vum Projet de loi définéiert ass, also all déi Produiten a Servicer, déi an deem Kader drastinn, der EU-Kommission matdeelen. Dëst awer nëmme fir nei Normen, déi net schonn op europäeschem oder internationalem Niveau unerkannt sinn.

D'Zil vun dëser Informationsprozedur ass et, de jeeweilige Memberstaten an der EU-Kommission et ze erméiglechen, fir datt een, ier si d'technesch Regeln ëmsetze wëllen, ka kucken, wat bis dohinne an deene jeeweilige Länner genotzt gëtt. Esou gesäit een näamlech vir, wat fir eng Prozeduren nach néideg sinn, also och wat fir eng Harmonisatioun op deenen Domäner nach néideg ass.

D'Wichtigkeet an och d'Uwendung besonnesch vun dëser Prozedur gouf scho vum Europäesche Gerichtshaff a verschiddene Fäll e puermol monéiert, well soss dës Regeln eben net opposabel sinn.

De Gesetzestext gesäit och vir, datt um nationalen Niveau den ILNAS, also den Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation, de la sécurité et qualité des produits et services, zoustänneg ass fir d'Kommunikatioun vun esou technesche Regele mat der Europäescher Kommission a mat deenen anere jeeweiligen EU-Memberstaten.

All weider technesch Detailler fannt Der a mengem schrëfftleche Rapport. Dat gesot, ginn ech natierlech den Accord vun der LSAP-Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Merci och dem Här Haagen. An den Här Mosar huet d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Jo. Merci dem Här Rapporteur Haagen fir säin exzellente Rapport an enger technescher Matière. Duerch säi Rapport hu mer wéinstens e Minimum vun där komplexer Matière verstanen. Merci derfir. A mir wäerten dëse Projet natierlech stëmmen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Merci dem Här Mosar. D'Madamm Elvinger huet d'Wuert.

► **Mme Joëlle Elvinger** (DP).- Jo, ech géif dem Här Rapporteur och gär villmools Merci soe vun eiser Säit fir déi gutt Explikatiounen zu deem techneschen Dossier. A well d'Ëmsetzung vun dëser Direktiv de Bannemaart nach méi effikass maache soll, andeems eng Transparenz geschafe gëtt, fir déi national technesch Regeln EU-wäit ze garantéieren, gëtt d'DP-Fraktioun dann och hiren Accord zu dësem Projet de loi.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Merci och der Madamm Elvinger. Dann den Här Anzia.

► **M. Gérard Anzia** (déi gréng).- Jo. Merci, Här President. Ech géif et ganz kuerz maachen. Merci un de Rapporteur, an och den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Ech hu keng weider Wuertmeldungen. Dann huet den Här Wirtschaftsminister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Etienne Schneider**, Ministre de l'Économie.- Jo. Merci, Här President. Ech muss soen, ech sinn erstaunt, awer och dankbar doriwwer, dass deen héich technesche Projet hei net méi Froen u mech opwerft. Dofir soen ech lech Merci, dass Der deen esou stëmme wëllt.

(Hilarité)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Merci och dem Här Wirtschaftsminister.

Da kënnen mer direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6941 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6941 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

58 Kollegen hunn direkt oder indirekt ofgestëmmt: 58-mol Jo. Domat ass de Projet unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt), Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Diane Adehm), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Félix Eischen), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Alex Bodry), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par Mme Cécile Hemmen), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Roberto Traversini) et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir sinn domat um Enn vun eisen Aarbechten ukomm. Ech soen lech Merci.


Rendez-vous: deen nächsten Dëschdeg bei enger Reunioun, wou all d'Kommissionen invitéiert sinn, déi zwar keng Plénière ass, mä awer e wichtige Charakter huet, dann, wa mer de Vizepresident vun der EU-Kommission hei empfänken an e Fro-an-Äntwert-Spill och hei maachen. Selbstverständlech ass d'Regierung bei där Geleeënheet och invitéiert. An déi, déi wëllen deelhuelen, solle sech wann ech gelift bei eis mellen.

Doriwwer eraus wënschen ech lech nach e schéinen Owend.

D'Sëtzung ass opgehewen.

(Fin de la séance publique à 17.22 heures)

- L'actualité parlementaire sur **www.chd.lu**
- Retrouvez vos députés, tous les textes, législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur **www.chd.lu**.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur **www.chd.lu**, avec quiz, information et vidéo.



CHAMBRE
DES DÉPUTÉS

- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre **www.chd.lu**.
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur **www.chd.lu**.
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.

www.chd.lu